

## KLACK... Nummer 160!

vum Lex Roth

Vru 16 Joer hätten der net vill eppes op d'Zukunft vun deer neier **KLACK fir eis SPROOCH** gewat: «No enger Dosen Nummeren ass de 'Gummi aus der Flitsch'; dat gëtt just e Stréifeier; deen Äifer hält net bäi; nei Bieseme kiere gutt... mä net extra laang». Dat sinn esou deer Commentairé vu viru... 16 Joer gewiescht. Dofir fänke mir mat dëser Nummer dann och eise 17. Joergank vun 'eng KLACK fir eis SPROOCH' mat e bësse 'Bilan' un.

Haut liest dir an der Nummer 160... an dat **100 000 mol am WORT + TAGEBLATT + JOURNAL zesumme gedréckt**... dat sinn 250 000 potentiell 'Kuckerten'! An 'Impulsen' oder 'Multiplikatioun' ausgedréckt sinn dat fir all déi Joere  $16 \times 10 \times 100\,000 = 16\,000\,000$  Säiten!!! So emol een, dat hätt der Positioun vun eiser geschriwwener Sprooch mat de Gedanken iwwer déi Problematik näischt bruecht. Méi gespëtzt geng een hei vun engem ganz intressante publizisteschen 'Impakt' schwätzen, deen dës Säiten a wäit iwwer dausend Artikelen an Artikelcher eiser Sprooch a rondrëm si bruecht hunn. Datt et haut ganz 'normal' Lëtzebuergesch an eisen Zeitunge gëtt, dat ass 'an der Zäit' wierklech glat net esou gewiescht. An eiser Nationalbibliothék fannt dir Stellage voll grouss Bänn mat alle Joergäng vun eisen Hauptzeitungen. Uganks vun de 70er Joere musst dir dann emol mat der Lupp no geschriwwenem Lëtzebuergesch dora piddele goen! Broochland! Do ass de Bewäis!

An deem Sënn hei geet ower dann eisen **Extra-Merci un d'Direktiounen vun deenen 3 Dageszeitungen, déi domat e wictegen Deel fir eis kulturell Identitéit stëften**. Ouni de verstännege gudder Wëll vun den Hären André Heiderscheid, Alvin Sold a Rob Roemen, hätte mir vill méi Krämpes mat deer Saach gehat. Déi op esouville Plazen an dacks strapazéiert 'Identitéit an Integratioun' kréien an den nächste Méint och nach eng wictege (a verstännege) Plaz hei an ärer KLACK!

Et huet an der Zäit (ëm 1993) nach geheescht, eise Veräin misst eng 'Zeitung' erausginn, fir datt eis Membren eppes an d'Hand genge kréien. Dat ass u sech jo eng sympathesch Initiativ, mä d'Actioun-Lëtzebuergesch huet keng 'Schëffer um Rhäin' an ass nun emol an deem Sënn kee 'Veräinsclub', am Sënn vun enger Sports- oder Kulturfederatioun. **D'AL huet e ganz aneren Zweck: hir Adressaten, dat sinn d'ganz Land an all seng Leit**. Si guff 1971 gegrennt, fir eiser Sprooch iwwerall do eng Stäip an e 'Juppert' ze ginn, wou d'Lëtzebuergesch verstännegerweis e Recht drop huet... dat geet nun emol einfach net mat enger reng interner Veräinszätschrëft, déi (maximal) 1500 mol gedréckt gëtt, grujeleg vill Geld fir d'Drücken an d'Fortschécke kascht, iwwerseng eng Publikatioun, déi einfach net 'aktuell' ka sinn, a wou dem Redakter d'Texter a Gedichtercher dacks ausginn.

Eis Memberen hunn am Ufank vun der KLACK deelweis och eng Grimmel gemëffert. Mä si hu ganz séier verstan, datt hir Cotisation fir d'KLACK a gudden Hänn wier! Si hunn ewell laang matkritt, datt si bei der Aarbecht fir eng wictege Saach um Plang vum ganze Land hëllef, eng Zort patriotesch Bälluecht. Domat kënne mir äis 'réieren' a geréieren, hinnen **all Joer en eenzelen oder duebele Cadeau** maachen (dat och nees dëst Joer!)... grad wéi eis 'Extra-Nummeren', déi mir aktualiséieren an erausginn.

Ech mengen, et wier net vu Muttwëll gewiescht, bei dëser Geleeënheet emol erëm dorun ze erënneren... vergiess gëtt leider – gewollt oder 'aus Versinn' – esou séier. ☺

## gebeemte Sprooch

Et ass ze verstoen, datt ee **fir eng Ried oder e bësse méi 'festleche' Text** eng Grimmel drop hält, déi Saach och sproochlech am 'bessere Gezei' kommen ze loosser. Mir kënnen äis vläicht nach drun erënnren, wéi eng Léierpersoun an der Schoul drop gehal huet, datt een an engem 'Aufsatz' net ëmmer déiselwecht a **wa méiglech deer 'schéiner' Wierder** soll gebrauchen, ob dat elo am Däitschen oder Franséische war... Lëtzebuergesch hat jo (leider deemools) do näischt ze sichen.

Doraus ass vläicht ze verstoen, datt et z. B. a lëtzebuergeschen Annoncen oder engem Artikel fir e léiwe Verstuerwenen nach ëmmer zimlech 'feierlech' hiergeet... leider dann an enger Sprooch, déi besser direkt op Däitsch wier: Wann een e Mënsch gär hat/huet, da brauch een deem wierklech net 'zougedoen' ze sinn; un een denken, dat muss net 'zum Gedenken' un ee ginn; engem e Merci schëlleg sinn heescht net onbedéngt 'zum Dank verpflichtet' sinn; et freet sech och, wat dee 'grousse Schmäerz' soll, wann eppes engem einfach *wéi deet* oder no geet. Nach eng butzeg Fro: **wie sinn déi 'Hannerbliwwen/Ugehéierreg'**, déi heiansdo dorëmmer geeschteren? Do geet 'Famill' dach duer, oder?

## vir, hannen, oder hannevir?

Dee lästige **'Vierdergrond'** huet der well vill ongehal gemaach, déi dat als 'virbäi' verstinn; et ass einfach kee Lëtzebuergesch, well eis Sprooch deen Ëm- oder Zoustand selwer kloer an daitlech ausdrécke kann. Et ass ongeféier esou koppeg, wéi wann een op däitsch giff soen, et hätt een eppes 'hintenvorne' gemaach aplaz 'verkehrt(-rum)'. Probéiert, am emgedréinte Sënn och emol, eisen Ausdröck 'bausebannen' an d'Däitsch ze setzen. ☺

Et gëtt e sëllegen muttwëlleser Ausdröck, déi engem wierklech wéi an den Oueren dinn, well si eist Sproochgefill vergewaltigen. D'meescht sinn et deer däitscher, déi an de Mikro gebrätscht ginn, well et do vill Leit gëtt, déi dacks zwar eng journalistesch Ausbildung opweises hunn, ower hirt Lëtzebuergesch ass 'ënner aller Klarinet!' Ursach? Entweder si kënnen net, si wëllen net, oder et ass hinnen egal. Näischt géint flott Däitsch, ower...

**D'Noluschterer hunn e Recht drop, dat nun emol net EGAL ze fannen**. Dir kënnt iech denken, datt mir kéipweis Téléphoné kréien, wou Leit sech iwwer dee Mikro-Sproocharmutt an d'Sträng geheien... si hätten natierlech gär, **mir sollen 'eppes maachen'**. Wann d'Reklamatiounen ower ëmmer vun deene selwechten an d'Redakiounen kommen, dann ass dat warem Loft oder kale Kaffi («sinn déi schonn erëm amgang»). Do géllt nëmme d'Schreiwem an Zivilcourage, d. h. den éierlechen Numm drënner. Dir kënnt dat net? Dach! Schreift just, wéi dir 'hinnen' oder äis et um Téléphon gengt soen!

## Ceterum censeo... (40)!

Hei muss och emol eng Kéier dës oder déi aremséileg Wouerécht gesot ginn, vrun allem, well et **an dëser Nummer vun der KLACK fir d'40st Mol** ass, datt mir fir d'Lëtzebuergesch an eiser Constitutioun pënken, zwar net ganz ëmsoss, ower...

Et misst haut jo bal esou lues a lues jidderengem bewosst sinn, datt **eis Sprooch glas- a waasserkloer e Stéck – wann net esouguer d'Haaptstéck – vun eiser Identitéit** ass. Dat huet eis Chamber zënter 1984 och mat 3 Gesetzer daitlech ënnermauert. Mä si ass nach ëmmer rabbelkappeg, wann et drëm geet, de Geescht an de Kloertext – an déi fälleg juristesche Justifikatioun! – vun deene Gesetzer unni Kéier a Krëmmel an eiser Verfassung ze ënnersträchen. Dat soll emol een äis auserneendinn!

Den héchsten – elo just frësch iwwer 'arrêté grand-ducal' ernannte – 'Gremium' fir d'Lëtzebuergesch, de **'Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise (CPLL)'** huet sech ewell laang daitlech dofir agesat. Wat muss dann nach geschéien, fir datt d'Lëtzebuergesch als **'la langue du Grand-Duché'** an eist Grondgesetz kënnt... an net just niewelaanscht ernimmt gëtt.

## Pol Pütz

...heescht de **'Laureat' vun eiser Sëlwerplack Dicks-Rodange-Lentz** dëst Joer. D'Traditioun vun dëser Auszeechnung fir Verdéngschter un eiser Sprooch hat ewell vrun 2 Joer hiren eegene 'Sëlwerjubiläum'. All déi, déi se kritt hunn, konnten/kënnen sech roueg eng 'Hatt voll mengen', well si mat dichtege Perséinlechkeeten an Institutiouen am Sprooch-Eck vun eisem kulturelle Liewen an enger Rei stinn.

Mir vernäipen äis mat Respekt vrun all deene 'Récipiendairen', déi zënter 1984 an d'Éiwegkeet gaang sinn... an engems ass eis Actioun-Lëtzebuergesch houfreg drop, datt a ville vun deene Leit Doudesannoncen oder Erënnerungsartikelen d'Decoratioun 'Dicks-Rodange-Lentz' eng Éiereplaz kritt huet.

De Pol Pütz brauche mir elo net extra virstellen; dat geschitt fir säi groussen Dag. Hien ass äis ower, iert hien als fläissege Lëtzebuergesch-Schreiwert bekannt guff, ewell 1971 an eiser Grëndungsversammlung am 'Pôle-Nord' mat senger 24 Joer, och als ee vun eisen éischte Membren, mat engem sympathesch-flénke Mondstéck opgefall... nodeem et beileiwen net bei der 'Gäbberche' bliwwen ass. Mir éieren elo mat Freed e feine Frënd, e gudder **Literat**, e fussege **Revue-Schreiwert** an e respektéierte **Léiermeeschter** vum Lëtzebuergesch!

## Klunsch, Klunschert, klunschen

Déi Ausdréck kennt dir ganz sécher, sief et als Substantiv oder Verb. Mä zu Freiburg gitt dir ëmsoss ee sichen, deen e versteet. Et ass nun emol 100 % **EISES**, esou wéi dir dees **maandelweis an eisem Buch** mam selwechten Numm fannt... dat kritt dir an alle gudder Bicherbutteker oder bei äis fir de Präiss vun nach net emol enger 'Spaghetti'!

Leider soe mir ewell ze dacks zu eise Kanner, eng Klunsch wier eng Schaukel, firwat am Fong? Wou et hierkënt (Etymologie), misst emol een äis soen. Ower dat freet een sech jo och net ëmmer an deenen anere Sproochen, gellidir. Gelungen an intressant ass hei, wéi bei esou ville vun eise Wierder, datt 'Klunsch/Klunschert' och nach aner Bedeitungen huet: fir eng Persoun, déi vill 'ënnerwee' ass, vill an de Wiertschaften hänkt... also *'klunsche geet'*. Bei deene Klunscherte ginn et deer 'Léiwer', ower och deer mat engem 'béise Soff'... déi kënne ganz 'wéischt' sinn a ginn sech dann u jiddereen. Huet dat *'Wéischt'* dann elo mam däitsche *'wüst'* ze dinn? Knapps oder guer net, och wann et vläicht esou schéngt. Ower da sot emol engem vu bësse méi wäit 'do iwwer' eran, à la *'Pittys Aufsatz'*: *Dieser Klunscher klunscht dacks am Comptoir und wird gern séier wéischt.* ☺

## Schaack, Schaak, Schack

...deen Numm gitt dir ëmsoss am Frankräich, an Däitschland oder soss hei rondrëm sichen... et sief dann, et ass e Lëtzebuergesch dohinner ausgewandert. Dat huet seng Ursachen, an zwar an der lëtzebuergescher Aussprooch, sengerzäit, vum franséische Virnumm 'Jacques'. Dat ass mir eréischt agefall, **wéi ech héieren hunn, datt den Helmut Kohl eise Jacques Santer ëmmer 'Schack' vernaamt huet**, aplaz dee weeche 'J' ze gebrauchen. D'Schreibvariante vun dësem ganz heefegen Familljennumm maache jo méi wéi engem vun äis Kappbrieches; si sinn ower genee esou (on)wichtig wéi Biver-Biver-Biever-Biewer/Schmit-Schmitt-Schmidt-Schmid.

Intressant wier et ganz sécher, wann emol eng gutt Séil sech (mam Téléphonsbuch) giff dohannert setzen, an eraussichen, watfir eng a wéivill **typesch lëtzebuergesch Familljennimm aus eisem Gebrauch vu Virnimm entstan** (kënne) sinn, déi mir d'éischt aus der Napoleonszäit an den Zivilregeschtere begéien. An deem Sënn: Vu wou kommen z. B. eis Nimm NILLES, STEFFES, GERGES oder HENX hier? D'Wëssenschaft schwätzt do vun 'Onomastik'... Allo! wéi ass et do mat eise sympathesche Frënn Familljefuerscher?

## Michel Hamilius

...huet deen eeleren Här geheescht, deen äis vrun e puer Joer an eiser Hauptversammlung mat engem ongewéinleche Bichelchen opgefall ass: **Lëtzebuergesch op Chinesesch an emgedréint iwwersat!** E Mann aus enger vun eise bekanntsten an dichtegste Familljen; en héichgeléierten Ingenieur, op deen déi deemoleg ARBED sech voll a ganz a China verloosse konnt; e léiwen a bescheidenen Mann, dee mir mat sengen Iddien a Meenungen an eisem Comité gutt 'brauche' konnten.

Hien huet net vill dovun geschwat, datt seng Gesondheet ëmmer méi ofgehall huet, war ëmmer entschëllegt, wann hien net konnt bei äis sinn... an huet äis esou onopfälleg verlooss, wéi hien ëmmer wollt sinn. Mir soen der Famill vum Här Hamilius eist Matleed an halen hien a ganz sympathescher Erënnerung!